ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Mars di Bartolomeo

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 18. Oktober 2017

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Staatsminister an un den Här Bausseminister weiderzeleeden.

Eng ONG ass kierzlech an d'Atomzentral vu Kettenuewen agebrach an huet e Freedefeier an d'Luucht geschoss. De Protest huet souwuel der Atomenergie am allgemenge wéi och der Sécherheet um franséische Site op der Lëtzebuerger Grenz gegollt. D'Aktioun wërft Froen op, déi ech heimat un d'Ministere wéilt riichten:

1. D'Lëtzebuerger Regierung huet bei de franséischen Autoritéiten intervenéiert, fir den Thema vun de Sécherheetsmoossnamen zu Kettenuewen unzeschwätzen, deenen hir evident Schwächt esou en Abroch leider méiglech gemaach hunn. Wéi hunn déi franséisch Autoritéite reagéiert?
2. Wéi beuerteelt d'Lëtzebuerger Regierung d'Zesummenaarbecht mat de franséischen Autoritéiten an de Bedreiwer vun der Atomzentral Kettenuewen, besonnesch am Hibléck op konkret Sécherheetsbedenken, déi sech stellen?
3. Wéi genee funktionéiert déi Zesummenaarbecht a wéi eng Instanze sinn op franséischer an op lëtzebuergescher Säit an déi Froen implizéiert? Wat proposéiert déi lëtzebuergesch Regierung, fir déi Zesummenaarbecht eventuell nach ze verstäerken an ze verbesseren?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten